National - Suivi Dageselteren

# Firwat eng Dagesmamm? E Beispill!

Vum Fanny Kinsch (Télé)|Update: 21.08.2019 20:13




*D'Dageselteren hu Schwieregkeeten, sech iwwer Waasser ze halen. Ënnert anerem, well si präislech net mat de Crèchë mathale kënnen…*

Dat soten an eisem Journal um Dënschdeg den Owend zwou Dagesmammen, ënnert anerem vun der ASBL Dageselteren Netzwierk, déi sech elo opgeléist huet. Bezilt de Staat fir d'Betreiung an der Crèche jee no Akommes a Familljesituatioun bis zu 6 Euro d'Stonn fir e Kand, esou kënnt ee bei der Dagesmamm just fir maximal 3,75 Euro d'Stonn op. Mee wat heescht dat fir Elteren, déi op de Service vun den Dageselteren ugewise sinn?

De Gabriel kritt gläich 8 Joer, hie spillt gären op senger Spillkonsol oder op der Spillplaz, hie geet an d'Boxen. No der Schoul brauch hien nach e puer Stonne Betreiung, bis seng Mamm en no der Aarbecht géint 6 Auer siche kennt. Ma a grousse Gruppe gëtt hien net sou gutt eens.

D'Linda Simoes, d'Mamm vum Gabriel: *„Aus der Maison Relais ass en erausgehäit ginn, wéinst sengem Behuelen. Well hie packt dat net, mat ze ville Kanner, et sinn ze vill Leit, da kräischt en heiansdo well et ze haart ass fir hien. An en huet och vill geschloen an der Schoul, an dowéinst hu se hien erausgehäit."*

Elo geet de Gabriel mat dräi anere Kanner bei eng Dagesmamm an dat klappt – hien ass ganz frou mat hir, seet de Gabriel, an hie follegt hir, seet seng Mamm. Dat wier déi eenzeg Léisung, déi fir de Gabriel funktionéiert. Allerdéngs wier et och immens deier – am Joer ëm déi 500 Euro de Mount, am Summer bis zu 700 Euro. Dem Gabriel seng kleng Schwëster geet an e Foyer, fir déi zwee Kanner kommen esou bal 1'000 Euro Käschten de Mount fir d'Betreiung eleng zesummen.

*“Mir musse wierklech oppassen. Mir kennen zum Beispill net an e Restaurant goen. Dat ass ze deier fir eis. Mir kennen net... Mir kenne keng Loisiren hunn, well mir bezuelen och nach, si sinn allen zwee am Boxen, dat muss een och nach bezuelen. Mee, jo. Et ass fir d'Kanner.”*

D’Präisser, déi dem Gabriel seng Dagesmamm freet, wiere gerechtfäerdegt, fënnt dem Gabriel seng Mamm. Fir si wier et awer den Eltere géigeniwwer net gerecht, datt ee bei de Crèchen a Foyere méi Ënnerstëtzung kritt, wéi bei Dagesmammen.

*„Ech zum Beispill, ech hu kee Choix. Ech kann hien net an e Foyer setzen. Oder an eng Maison Relais. Dat geet net. Dat heescht ech muss dann all Mount tëschent 500 a 700 Euro bezuelen, well mäi Kand permanent erausgehäit gëtt. An ech fannen dat net gerecht vis-a-vis vun eis, datt mir esou deier musse bezuelen, obwuel hien e Kand wéi all anert ass och.“*